

RIPEVUSCH

ZEITUNG VUN DER GEMENG USELDENG

N° 3 / 3 – 2022



RIPPWEILER | EVERLANGE | USELDANGE | SCHANDEL

PRÉFACE



GEMENG

Nationale Gedenktag an der Gemeng	05	E puer Andréck vun eise Chantieren	10
Extrait du registre aux délibérations	06	Pacte Logement	11
JSKU – aktiv in und für die Gemeinde	08	Maison Relais bei de Fliedermais ..	14
Interview – neit Gemengepersonal an der Maison Relais	09	Dag vum Bam 2022	15

DUERFLIEWEN

De Kleeschen op Besuch an eiser Primärschoul	16	Luxembourg Classic	18
„Tour du Duerf” an der Gemeng Useldeng	16	Chrëschttag op der Buerg 2022 ..	19
Brécke-Fest lewerleng	17	SWINGIN' CASTLE 2022	20



VERÄINSLIEWEN



Trakterstreffen & Grillfest op der lewerlenger Millen	21	Konveniat vun der Harmonie Useldeng	28
Pompjeesfrënn Useldeng	21	Commune Art 2022	29
Aktuelles vom Castleride-Treff!	24	Serge Tonnar & Band zu Useldeng am Buerghaff	29
„Ee Liewe fir d’Evangelium”	25		
Club des Jeunes Useldeng	27		

GESCHICHTLICHES AUS DER GEMENG

Happy Birthday dear Emma!	30
---------------------------------	----

DE GRÉNGEN ECK

La période de la taille des haies a commencé	38
--	----

D'REZEPT VUN DER BOMI

Französische Biskuitrolle	42
---------------------------------	----

AM KANTON

E schéine Geste vun de Fraen a Mammen Par Atertdall Sainte-Claire	40
27 nei Better am „Home pour personnes âgées Saint-François”	41
Gutt ënnerwee um Glatäis!	41

AGENDA

Wann Dir Loscht hutt, fir beim „Ripevusch”, matzeschaffen oder een Artikel oofzeliwweren, kënn Dir lech per E-mail mellen: communication@useldeng.lu
Weider Informatiounen a Fotoen iwwert d’Gemeng fannt Dir um Internet op www.useldeng.lu

Redaktiounsschluss fir den Ripevusch 1/2023 ass den 16.04.2023!

Coverfoto: Jil Peiffer
Correctures: Merci dem Gaby Pavant
Mise en page: a | part
Impression: imprimerie reka
Tirage: 950 exemplaires

Reflexiounen vum ärem Buergermeeschter zum Joresenn!



Dëst Joer hat definitiv seng grouss Iwwersetzung opgeluecht a mir sti schonn erëm un der Schwell vu Chrëschttag an Neijjooschdag.

De Billerbuchsummer huet eis gehollef, den tristen Alldag, wéi d'Suite vum der Coronapandemie, dee schreckliche Krich an der Ukraine an déi doraus resultéierend horrend Präisdeiericht e wéinig an eisem Gediechtnis zrëckzesetzen. An dach bleiwe mir mat ville Suergen a Problemer konfrontéiert.

Als Gemeng krute mir d'Aufgab, fir beim erschwinglechen Wunnungsbaue ze hëllefen a mir sinn amgaang eisen Obulus do derzou bäizedroen.

Mam Logementsminister Henri Kox hu mir de Pacte logement 2.0 an eiser Gemeng virgestallt an ufanks November konnte mir de Grondstee fir 11 Wunnungen op dem Areal vum ale Klouschter an der Béiwenerstrooss leeën.

D'Aarbechte vum Fonds du logement fir weider 12 Wunneenheeten um Schéissbiérg sinn och elo am November gestart an dat aalt Postgebai gëtt renovéiert. An zesumme mat dem Ëmbau zu 5 Appartementer vum der Notärsvilla Faber am Joer 2016 an deene 4 neien Haiser am Kierchewe 2020 komme mer op insgesamt 33 nei abordabel Wunnungen an de kommende Joren!

Dat ass enorm an d'Gemeng Useldeng war sech schonns virun 10 Joer bewosst, dass si aleng dem Wunnungsmisär nit konnt d'Stier bidden an huet schnell ee staatliche Partner mat an d'Boot geholl.

An d'Iwwerleeung war einfach: Gebaier a Staats- a Gemengebesëtze mat neiem Liewe fëllen, neit, vum der Gemeng kaafte Bauland erschléisse loossen, keng exorbitant Fuerderunge stellen an 2 Mécke mat engem Schlag schloen!

Dat huet geheescht, protegéiert national a kommunal Gebaier mat Mëttele vum Staat erhalen an ëmbauen, neie Wunnraumschaffen an domat automatisch d'Revalorisatioun

vum den Uertschafte weiderdreiwen; sou war d'Iddi an, ech mengen, dat wier eis gelongen.

An dat ass gaang well mer gudde Kontakt zu den Decideuren vum Staat hunn an haten, déi woussten ëm wat et géif goen an déi mat eis un engem Strang gezunn hunn!

Nieft deene staatlich-kommunale Projete sinn de Moment och vill privat Acteuren amgaang ähnlech Weeër ze goen a mir musse wachsam sinn a Schrëtt hale mat där Entwécklung; déi néidig Infrastrukture matzäit kreéieren an oppassen, dass mer keen Zuch verpassen.

Duerfir si mir frou, dass deen neie Schoulbau gutt virukéint an nach am Summer dierft fäerdeg ginn.

Bei enger rezenter Chantiersvisitt vum Gemengerot mam Léier- a Maison-relais-Personal konnt jiddweree sech iwwerzeegen, dass mer, fir de Moment, gutt am Timing leien.

Um Dag vum Bam, wou fir 25 neigebuerer Kanner aus dem Joer 2021 eng Routbuch geplanzt gouf, ware mer frou, nei Leit aus eiser Gemeng kennen ze léieren.

Si hunn eis bestatigt, dass si sech ganz wuel bei eis fillen an och dat spornt eis un, weider Efforten ze maachen, fir d'Liewensqualitéit vum eise Biergerinnen a Bierger nach an d'Luucht ze schrauwen.

Sou hu mer am Budget 2023: 250.000€ fir d'Digitalisatioun ageschriwwen, 210.000€ fir den neie Schoulhaff mat Spillplaz, 225.000€ fir zousätzlech Spillplazen, 150.000€ fir ee séchere Schoulwee, 250.000€ fir nei Trëppelweeër, 435.000€ fir de Waasserschutz, 430.000€ fir een Hall de stockage fir de Service technique, 5.450.000€ fir d'Fäerdegstelle vum Neibau Schoul, 1.000.000€ fir d' Erneierung vum ManuKultura Gebai, 500.000€ fir déi 1. Phase Renovatioun vum Paschtoueschhaus, 160.000€ fir Nahwärmenetzer, 160.000€ fir Realisatiounen am Pakt Klima, asw...

A mir hunn et fäerdeg bruecht fir 2022 ouni Emprunt ze iwwerstoen; eng finanziell Bilanz, déi sech duerchaus weise léisst!

D'Ambiance am Schaffen- a Gemengerot kéint eigentlich nit besser sinn an och dat ass de Beweis, dass een zesumme quasi alles kann erreechen!

Eist Personal gött sich och all Méi fir eis Biergerinnen a Bierger zefridden ze stellen an eis Veräiner hunn nom Covid d'Kéier och gutt kritt a sinn erëm voll aktiv.

D'Commune Art-Ausstellung war ee volle Succès an eis Artistinnen an Artisten hate sech vill Méi ginn, hir Léift zur Molerei, der Fotografie, dem Graffiti-Street Art, dem Upcycling an der Keramik voll zur Geltung ze bréngen!

Bedingt duerch d'Energiekris hu mer awer dëst Joer leider déi schéi Chrëschtbeliichtung misste reduzéieren a bieden iech all ëm d'Versteesdemech.

Eigentlich kéinte mer ganz zefridde sinn, wieren do nit déi däischer Wolleken, déi am Himmel vun Europa hängen!

Mee déi kommend Deeg sollten Deeg vun der Besënnung an der Zefriddenheet sinn. Mir sollten eis Zäit huele fir eis Famill a fir eis selwer a mir sollten eis all derfir asetzen, dass den Haass an d'Intoleranz nit sollt Iwwerhand kréien.

A mir sollten eis och nit all deene Changementer, déi op eis duerkomme wäerten, verschléissen!

D'Technikvun haut geet rasant virun; op den Aarbechtsplaze si grouss Ëmstellungen geplangt an och d'Privatliewen an de Stéit ass amgang eng grouss Kéier ze huelen.

De Staat an d'Gemenge mussen duerfir zesummen hire Biergerinnen a Bierger hëllef, dës Verännerungen ouni Schied ze iwwerstoen.

De fréieren amerikanische President John F. Kennedy huet eemol gesot: Verännerung ass d'Gesetz vum Liewen.

Déijéinig, déi nëmmen op d'Vergaangenheet oder d'Géigewaart kucken, wäerten d'Zukunft verpassen!

D'Gemeng Useldeng wäert höllisch oppassen, fir dass den Zuch eis nit fortfiert, an dat an alle Belangen.

Duerfir brauche mer gutt Leit, déi verstanen hunn a wëssen ëm wat et geet!

Léif Leit,

Am Numm vun de Responsabelen, vum gesamte Personal vun der Gemeng an a mengem perséinlichen Numm wënschen ech lech eent frou a friddlicht Chrëschtfest; ee gudde Rutsch an dat neit Joer, all Guddes verbonne mam Wonsch, dass d'Gesondheet kee vun eis all am Stach léist!

Chères citoyennes, chers citoyens,

La Commune d'Useldange est très fière de ses habitants et est bien consciente du fait que nous subissons tous un grand changement, tant dans le monde du travail que dans celui du domaine privé.

Nous allons continuer à faire de notre mieux à ce que vous vous sentez tous à l'aise dans une Commune où il fait bon vivre et qui s'efforce constamment à améliorer la qualité de vie d'un chacun de nous.

La tolérance, l'aide mutuelle et l'engagement dans nos associations sont aujourd'hui des valeurs incontournables dans une société qui ne cesse de progresser.

Merci pour votre dévouement sur tous les plans!

Au nom du personnel, du collège échevinal et du conseil communal, je vous souhaite des jours paisibles et harmonieux en famille, un joyeux Noël et une bonne et heureuse année 2023!

Äre Buergermeeschter

Tollo Bodem

Nationale Gedenktag an der Gemeng



Den nationale Gedenktag, organiséiert vun der Gemengeverwaltung, zesumme mam Comité du Souvenir - Enrôlés de Force, deen un déi schrecklech Jore fir d'Lëtzebuenger Vollek vun 1940 bis 1945 soll erënneren, gouf dëst Joer um Sonndeg, den 9. Oktober 2022 zu Useldeng zelebriert.

Wéi déi Jore virdrun, war de Rendez-vous fir de Cortège am Millenhaff zu Useldeng. D'Harmonie Useldeng, zesumme mat dem Pompjeescorps aus der Gemeng, hunn de Cortège an d'Porkierch ugefouert. An enger feierlecher Gedenkmass, déi duerch d'Kanner aktiv matbegeleet a verschéinert gouf, hu mir un déi schrecklech Jore vum Lëtzebuenger Vollek zréck geduecht. Als Ofschloss vun dëser flotter an interaktiver Mass huet d'Harmonie Useldeng d'Heemecht gespillt.

A Presenz vum Schäffen- a Gemengerot aus der Gemeng Useldeng war no der Mass d'Gedenkzeremonie beim Monument aux Morts. Zwee Blumenarrangementer goufe vum Buergermeeschter mam Schäfferot a vum Comité du Souvenir niddergeluecht.

Uschléissend huet de Buergermeeschter Pollo Bodem eng Ried gehalen an de ville Leit Merci gesot fir hiert Kommen op dësem dach ganz wichtege Dag.

No senge Wieder huet hien déi Leit, déi sur place waren, am Numm vun der Gemeng op e Frëndschaftspatt an de Centre Culturel agelueden.



Extrait du registre aux délibérations

du conseil communal de la commune d'Useldange

Séance du 30 septembre 2022

Vote du plan de gestion annuel de la forêt pour l'année 2023

Le conseil communal a adopté le plan de gestion annuel de la forêt pour l'année 2023.

Les dépenses s'élèvent à 24.000 € et les recettes s'élèvent à 21.450 € pour l'année 2023.

Présentation et vote du programme d'action local logement

Le programme d'action local logement a été présenté par le Bureau CO3 et a été voté dans cette même séance.

Approbation d'un décompte

Le décompte du pare-ballon du terrain de football a été présenté aux membres du conseil communal et a été adopté unanimement.

Le devis s'élevait à 49.163,40 € et la dépense effective s'élève à 44.997,50 €

Actes et conventions

Le conseil communal approuve la convention avec l'office social de Redange pour l'année 2022 et la convention Service pour Jeunes /Reidener Jugentreff pour l'année 2022.

En outre divers contrats de bail ont été approuvés avec M. Weyland Romain et avec M. Kleer Mario.

Séance du 18 novembre 2022

Création d'un poste de salarié à tâche artisanale

Dans sa séance du 18 novembre 2022, le conseil communal a voté en faveur d'une création de poste à tâche artisanale pour renforcer son service technique.

Fixation du tarif repas sur roues pour l'année 2023

Il est porté à la connaissance du public que le conseil communal décide de prolonger le contact avec la boucherie Mathieu de Redange/Atert. En raison de la hausse des prix de l'énergie et d'une indexation des salaires en 2023, le prix d'un menu va augmenter d'un euro pour les consommateurs. Un menu coûtera donc 15 € et non plus 14 € (part communale de 3 € inclus).

Règlementation de l'horaire mobile pour la Maison Relais

Le conseil communal donne son accord de principe pour l'installation d'un logiciel horodateur pour le personnel de la Maison Relais.

Vote d'une modification budgétaire

Le conseil communal alloue l'augmentation budgétaire de l'article « Excursions » de 8.000 à 9.000 € pour la Maison Relais.

Divers droits de préemption

Le conseil communal décide à l'unanimité de ne pas exercer son droit de préemption concernant deux terrains à Useldange (un terrain de 39 ares 20 centiares dans la rue de la gare et un terrain de 4 ares 4 centiares au Pallerwee).

Dépôt des statuts de l'a.s.b.l. « Gaart an Heem »

Le conseil communal alloue les statuts de l'asbl « Gaart an Heem ». Le conseil communal alloue à l'unanimité la composition suivante:

- Présidente: Linster Rasqué Annie
- Vice-présidente: Hendel Myriam

- Secrétaire: Barthelemy-Sietzen Léa
- Trésorière: Staus-Melcher Irène
- Membres: Feinen-Alberty Josette, Hemmer-Schmit Mariette, Ehmann Pierrette, Wolff-Tholl Mady, Majerus-Goedert Marielle


Divers travaux dans le cadre du projet Post & Creos à Everlange



La CREOS et la POST ont informé la commune qu'ils vont réaliser des travaux d'infrastructure à Everlange, dans les rues du pont et Halte. La commune profite de ces travaux pour poser un réseau de chaleur entre les bâtiments «centre culturel» et «ancienne école». Le conseil communal a suivi depuis des années la politique de changer les systèmes de chauffage pour utiliser des sources d'énergies renouvelables pour la production de chaleur.

Le conseil communal donne également son approbation concernant les travaux suivants:

- Renouvellement de la couche de roulement à divers emplacements
- Travaux de génie civil – rue du pont
- Travaux de pose d'une conduite d'eau dans la rue «A Laichent»



- Aménagement d'un trottoir en pavés le long de la «rue principale» près du château d'Everlange



Présentation de la charte de protection du climat de la commune, période de 2022 à 2030

La charte de protection du climat pour la période de 2022-2030 a été présentée par Monsieur Devillet - conseiller Klimapakt. Il a présenté les objectifs quantitatifs jusqu'en 2030 et les différents domaines d'action dont:

- Le développement territorial
- Les énergies et les bâtiments
- La gestion des ressources en eau et des déchets
- La mobilité
- L'organisation interne

Actes et conventions

Les conventions suivantes ont été accordées par notre conseil:

- Convention LEADER pour la période 2023-2029
- Prolongation des mandats probablement jusqu'en octobre; Monsieur Frank Christian comme délégué principal et Monsieur Da Silva Pierre comme suppléant
- Cessation à titre gratuit entre Madame Lill Romy et la Commune d'Useldange. (place de voirie contenant 0,5 centiares à Schandel)

Divers

Le conseil communal approuve un projet de morcellement de terrains à Useldange.

JSKU – aktiv in und für die Gemeinde

Text: Christel Gottschalk

Fotoe vun der Sportleréierung: Claude Bach

Tanzkurse

Ganz im Zeichen des Sports sind wir in das letzte Drittel des Jahres gestartet.

Im centre culturel in Everlingen finden donnerstagabends Tanzkurse für Anfänger und Fortgeschrittene statt. Mit 14 Paaren wird die Tanzfläche beim Anfängerkurs manchmal etwas eng, aber die Freude an der Bewegung ist dabei in jedem Winkel des Saales zu spüren. Auch der anschließende Fortgeschrittenenkurs ist mit 10 Paaren komplett und die Teilnehmer/innen zum Schluss ganz schön „außer Atem..“



Sportlererehrung

Im Oktober konnte die JSKU, nach 2 Jahren Corona-bedingtem Aussetzen, endlich wieder die vielen erfolgreichen Sportler/innen der Gemeinde gebührend ehren.

In gemütlicher Atmosphäre wurden die Leistungen der einzelnen Personen bzw. der Mannschaften in einer Rede von Bürgermeister Pollo Bodem hervorgehoben. Gemeinsam mit den beiden Schöffen Pé Da Silva und Christian Frank sowie Claude Bach wurden die Urkunden und Geschenke verteilt.

Im Anschluss konnte der Abend bei einem Käse-Buffer, Getränken und netten Gesprächen gemütlich ausklingen.



Interview – neit Gemengepersonal an der Maison Relais

Bei menger Aarbecht hunn ech een enke Kontakt souwuel mam Schoulpersonal wei och mat den Elteren.



R.R. Kanns du dech kuerz virstellen (Alter, vu wou, ...) a kanns du eis kuerz deng Ausbildung (Qualifikatioun) an däi professionelle Parcours beschreiwen, éiers du hei op d’Gemeng Useldeng schaffe komm bass? Wat sinn/wäerten deng Aufgabe bei eis op der Gemeng sinn?

A.H. Ech sinn d’Axelle Hansen, ech hunn 23 Joer a kommen aus der Gemeng Biekerech. 2018 hunn ech meng Ausbildung als Educatrice diplômée ofgeschloss. Duerno sinn ech während 4 Saisonen als Animatrice LuxiClub fir d’Luxair schaffe gaangen.

R.R. Firwat wolls du gären hei op der Gemeng schaffen? Wat erwaarts du dir bei dengem zukünftigen Aufgaben?

Ech wollt op d’Gemeng schaffe kommen, well dat nobäi ass an als Kand schonn op Useldeng an d’Sportshal Tennis trainéiere komm sinn.

Meng Aarbecht hei bei der Gemeng Useldeng ass an der Maison Relais. Ech këmmere mech ëm d’Kanner ausserhalb vun hirer Schoulzäit. Ech sinn do fir d’Kanner moies ze empfänken, éier se an d’Schoul ginn a mëttes fir d’Mëttegiessen. Ech maache mat hinnen Hausaufgaben a mat sozio-educativ Aktivitéite wäert ech se an hirer Autonomie fërderen.

Bei menger Aarbecht hunn ech een enke Kontakt souwuel mam Schoulpersonal wei och mat den Elteren.

De ganze Komplex, de Fonctionnement an d’Pédagogie vun der Maison Relais passen zu mengem Prinzipien.

Ech ka mir gutt virstellen, mech do a mengem Beruff weider ze entwéckelen.

R.R. Wat sinn déi besonnesch Erausforderungen, déi op dech duerkomme bei denger Aarbecht fir d’Gemeng Useldeng?

A.H. Mat de Kanner schaffen ass een alldeeglechen Challenge, wou keen Dag d’selwecht wäert ginn.

R.R. Wat méchs du an denger Fräizäit? Wat sinn deng Hobbyen?

A.H. Während menger Fräizäit sinn ech ganz sportlech: Mountainbike, lafen, Fitness, ... Ech sinn och am Aikido säitdem ech 7 Joer hunn. Säit leschem Joer sinn ech och Hellefstrainerin am Kannergrupp a wéilt gären offiziellen Trainer ginn. Soss molen a schreiwen ech nach gären a menger Fräizäit.

E puer Andréck vun eise Chantieren



Visitt vum Chantier mat den zoustännegen Architekten, dem Léierpersonal, dem Personal vun der Maison Relais, dem Schäffen a Gemengerot.

Pacte Logement



De 4. Oktober 2022 huet d'Soirée Pacte Logement am Centre Culturel Useldeng a Präsenz vum Här Henri Kox, Minister vum Logement a vun der Madamm Diane Dupont, Presidentin vum Conseil d'Administration vum Fonds du Logement a Premier Conseiller de Gouvernement am Logementsministère stattfonnt.

De Wuesstem zu Lëtzebuerg, deen zur Strategie vun eiser Politik gehéiert, fir eise Wuelstand am Land ze garantéieren, mierken och mir bei eis an der Gemeng. Nodeems nom Zweete Weltkrich Awunnerzuele bis Ufank den 90er Jore liicht réckleefeg waren, huet sech d'Awunnerzuel an de leschten 30 Joer quasi verduebelt op elo 2.047 Awunner.

An een Enn vum Wuesstem ass net a Siicht. Laut eisem PAG vun Dezember 2015 hu mir ee Potenzial vun ëm déi 4.000 Awunner.

Dëse Wuesstem huet a bréngt vill nei Erausforderunge fir eng Gemeng mat. Mee mir si gutt opgestallt an eis Servicer an eis Infrastrukture goufen a gi lafend ugepasst.

Schon 2003 huet d'Gemeng mam Bau vum zentrale Schoul- a Sportkomplex op Weidfeld den éischte Bausteen hefir geluecht. No 20 Joer ass d'Kapazitéit vun der Schoul an der Maison Relais awer lo un hir Grenze komm, soudatt mir aktuell dobäi sinn, d'Gebaier ze erweideren op eng Kapazitéit vun 310 Kanner.

Duerch de Bau vum Bâtiment multifonctionnel 2015 fir eise Service technique, eis Pompjeeën an eis Musek, goufen am Zentrum vun Useldeng e puer Gebaier fräi.

Bei der Ëmnotzung vun de Gebaier war et der Gemeng wichteg, datt mer een attraktiven a liewegen Duerfzentrum behalen, sief et duerch d'Opliewe vum Tourismus, Schaffung vun neien Aarbeschtsplazen oder fir d'Noversuergung vun den Awunner ze garantéieren.

D'Liewensqualitéit vun eise Bierger stoung a steet bei all eisen Iwwerleeungen a Projeten am Méttelpunkt.

Fir déi Servicer, déi mir als Gemeng nit selwer kënnen eise Bierger ubidden, schaffe mir enk mat de Gemengen aus dem Réidener Kanton zesummen.



Obwuel iwberall am Land vill Wunnenge gebaut ginn, komme mir der Nofro a Lëtzebuerg u Logementer net méi no.

Zu den horrenden Präisser um Immobiliemarché, kéint elo nach d'Onsécherheet duerch den Ukrain-Krich dabei, steigend Zënsen op de Prêten, Problemer an de Liwwerketten an déi droend Inflatoun. Heiduerch gëtt et fir ëmmer méi Leit schwier, quasi onméiglech, Proprietär vun engem eegene Logement ze ginn.

Hei ass de Staat, an awer och d'Gemeng gefuerdert, fir de betreffende Bierger beschtméiglech ze hëllefen.

D'Gemeng ass sech der Problematik bewosst a setzt sech duerfir an, datt bezuelbare Wunnraum an der Gemeng Useldeng entsteet. Sou huet d'Gemeng sech an deene leschte Joren ee klengen Portfolio u Wunnengen ugeschaft, déi sozial verlount ginn. An iwber de Réidener Kanton gouf de Projet HausCare, eng Agence immobilière sociale, an d'Liewe geruff.

An Zesummenaarbecht mam Fonds du logement ginn a goufe verschidde Projeten an der Gemeng ëmgesat. No deems 2016 d'Maison Faber mat hire 6 Appartementer (5 vum FDL an eent vun der Gemeng) an 2020 de Projet „rue de l'église“ mat hire 4 Eefamilljenhaiser fäerdeggestallt goufen, huet d'Madamm Dupont am Detail déi lafend Projete vum Fonds du logement presentéiert.

D'Renovatioun vum deemolege Klouschter an der Béiweenerstrooss, wou 12 Wunnunitéite bis 2025 entstinn, wäerte 4 Eefamilljenhaiser an 8 Appartementer ervirweisen, déi all fir d'Locatioun geduecht sinn. Den „Institut national pour le patrimoine nationale“ huet drop opgepasst, datt d'Haaptgebai erhale bleift. Dëst gëtt komplett renovéiert, soudatt dodran 3 Wunnungen entstinn. D'Käschte vun dësem Projet leie bei 6,2 Milliounen Euro .

„1^{er} coup de pelle projet de réhabilitation et de transformation de l'ancien couvent à Useldange“ huet den 9. November 2022 a Präsenz vum Minister Henri Kox stattfonnt.

PAP Schiesberg mat 11 Eefamilljenhaiser, wouvun der 5 am Besët vum FDL bleiwen a 6 an de Verkaf kommen.

Ausserdeem gëtt nach dat aalt Postgebai an een Eefamilljenhaus ëmgebaut.

Dës Projete sollen all bis 2026 ofgeschloss sinn. Dat heescht, datt an 10 Joer zu Useldeng 33 Sozialwunnenge vum FDL entstane sinn.

Zesumme mat deene soziale Wunnengen, déi der Gemeng gehéieren, respektiv déi iwwert den HAUSCARE geréiert ginn, komme mir an der Gemeng Useldeng op een Undeel vu 5% u soziale Wunnengen, wat wäit iwwert dem Landesduerchschnëtt vun 2% läit.

Awer och an Zukunft wëll d'Gemeng seng Responsabilitéit weider huelen an nei Weeër goen. Sou ass d'Gemeng zum Beispill amgaang ee Projet um Helpersbiereg auszeschaffen fir bezuelbare Wunnraum fir déi jonk an déi eeler Matbierger aus eiser Gemeng. Merci dem Logementsministère, dee gewëllt ass mat der Gemeng op dëse Wee ze goe fir een innovative Projet, eng Mëschung tëscht enger Job-Starter-WG an enger Maison intergénérationnelle, auszeschaffen a finanziell ze ënnerstëtzen.

Am Kader vum Pacte Logement 2.0 huet d'Gemeng zesumme mat eiser Logementsberoderin Uta Truffner de PAL – Programme d'Action local „Logement“ erstallt. Dëse PAL gouf den 30. September 2022 vum Gemengerot eestëmmeleg validéiert. De Bierger gouf de PAL am Detail wärend der Soirée Logement vun der Madamm Truffner presentéiert.

Ausserdeem huet de Minister Kox eis deen Owend d'Strategie Logement vun der Regierung an de Rôle vun de Gemengen an dëser Strategie presentéiert.

Merci vun hei aus dem Logementsministère an dem FDL fir hir Ënnerstëtzung an de leschte Joren.



Maison Relais bei de Fliedermais



An der Halloweenzäit si mir bei de Bauer Kürbisse siche gaangen. Mir konnten eis vun der riseger Auswiel déi Kürbissen eraussichen, déi eis am beschte gefall hunn.



Duerno hu mir dunn d'Kürbissen, déi mir siche waren, bemoolt. Doraus si schéin a grujeleg Gesiichter entstanen.



An der Allerhelligevakanz hu mir och eng Halloweenparty organiséiert. D'Kanner ware begeeschtert, zumools vum Halloweenbrunch an de Schneekereien.

Hierschtzäit

Passend zu der Joreszäit hu mir Glierser mat Blieder dekoréiert, déi mir selwer oprafe waren. Doraus sinn da flott Téilicht-glierser entstanen

Bei engem flotten Tour duerch d'Natur si ganz flott Fotoe mat de Blieder entstanen.



Dag vum Bam 2022



Den 19. November huet d'Ëmwelt-, d'Verkéisers- an d'Feldweekommissioun zesumme mat der Gemeng Useldeng op d'Bamplanzaktioun fir déi neigebuerre Kanner aus dem Joer 2021 invitéiert. Zesumme mat de Kanner an den Elteren hu si dunn an der Cité Um Reebou bei der Spillplaz eng Roudbuch geplanzt.

No der Planzung goufen d'Familljen op en Éierewäin invitéiert.



Foto: Luca Denelle

De Kleeschen op Besuch an eiser Primärschoul

De Kleeschen a säi Gesell den Houseker haten de 5. Dezember trotz viller Aarbecht de Wee bis an d'Useldenger Primärschoul fonnt. Mat flotte Lidder goufen si vun de Kanner empfaangen. Si hu sech schlau gemaach, op d'Kanner sech dat ganz Joer iwwer gutt geschéckt a matgeschafft haten. Well se Allegueren sou brav waren, goufen si mat enger Titche belount sou dass den Houseker kaum eng Rutt huet missen verdeelen.

Nodeems hien an de Klasse passéiert war, huet hien sech Zäit geholl fir déi méi kleng Kanner aus der Gemeng. All Kand wat zwëschen engem an dräi Joer hat an nach net an d'Schoul geet, ass an d'Buvette vun der Sportshal invitéiert gi fir do wéi déi aner Kanner, vum Kleeschen eng Titche iwwerreicht ze kréien.

Dësen Dag ass an Zesummenaarbecht mam Veräin Gaart an Heem sou wéi der Gemeng Useldeng organiséiert ginn.



Optakt vum Vëlostour „Tour du Duerf“ an der Gemeng Useldeng

Mat enger grousser Bedeelegung um „Tour du Duerf 2022“ wou grouss a kleng sech dëst Joer op de Vëlo gesat hunn, fir 16 resp. 32 Kilometer duerch d'Gemeng Useldeng ze ënnerhuelen. Virum Start um Sonnden de Moie vum 18. September, bei der Buvette zu Useldeng huet de Schaffe Pierre Da Silva op d'Wichtigkeet vun dësem naturverbonnene Vëlostour higewisen an och alle Merci gesot fir

d'Matmaachen. Och d'Caroline Schmit als Koordinatorin vun der Editioun 2022 huet Erklärungen zum Tour ginn, wou och all gefuerene Kilometer gezielt gëtt, fir zum Schluss vun der Aktioun bei der grousser Verlosung deelzehuelen. Duerno huet bei engem gemittleche Patt den „Tour du Duerf 2022“ an der Gemeng Useldeng säi wüerdigen Ofschluss fonnt.

Foto & Text: Charles Reiser



Brécke-Fest Iewerleng

De 27. August 2022 haten déi Iewerlenger Noperen ee Brécken-Fest an Zesammenhang mat der neier Foussgängerbréck organiséiert. Des Feier hat groussen Uklang bei den Duerfleit fonnt. Eng flott Intecourse op der Atert huet eng gutt Ambiance opbruecht an bei Iessen a Gedrénks gouf sech flott ameséiert.

Hei e puer Fotoen:

Foto & Text: Claude Bach



Luxembourg Classic



Am Kader vum 2. Luxembourg Classic Oltimer Rallye hate ganzer 106 al a manner al Autoen de Wee op Useldeng fonnt. Vum Parc Hotel Alvisse gong et 195 km queesch duerch d'Land, vun der Stad aus op Useldeng, wou se ee Stempel kritt hunn an een Zäitfueren hu missten absolvéieren. No Useldeng gong et op Monnerech, a fir d'Mëttegpaus ware si op der Musel ënnerwee. Zil vun der Etapp war et am Nomëtten an der Stad beim Palais unzekommen.

Duerno waren d'Autoe fir de Public bei der Gëlle Fra ausgestellt. Passend zum Wieder deen Dag, krut all Oldtimer e Prabbeli vum Schäfferot iwuerrecht.

Och den Tatort-Kommissar Richy Müller hat de Wee bis op Useldeng fonnt.



Chrëschttag op der Buerger 2022



Den 2ten an 3ten Dezember war et nees sou wäit. Déi mëttlerweil 8. Editioun vu „Chrëschttag op der Buerger“ huet viru gewinnter Kuliss stattfonnt.

Nei ënnert dem Pavillon dëst Joer waren de Paul Fox a seng Kollegen als „Christmas Jazz Quartet“. Fir d'éischt dobäi war och „Gans Anders“. Bal net méi wech ze denken ass d'Marisa de Donato wat dëst Joer ënnert dem Numm Südwind mat sengem Partner Salvatore de Nardo opgetrueden ass.

De Jugendensemblen vun der Useldenger Harmonie huet nees fir eng voll Krypta gesuergt an d'Kierch am Duerf Useldeng Asbl huet déi Kleng an déi manner kleng Kanner mat Geschichte ronderëm Chrëschttag begeeschtert.

Deen eemolege Kader, d'Wieder wat matspillt, een ofwiesslungsräiche Programm a gutt gelaunte Leit, all dat huet dozou bäigedroen dat eise Chrëschtmaart nees ee volle Succès war.

Wéi ëmmer een décke Merci un eis Gemengenaarbechter, de Kultur- a Buergerfrënn, de Veräiner an u jiddereen dee matgeholf huet.



SWINGIN' CASTLE 2022



Um éischten Novemberweekend huet et och dëst Joer erëm geheescht Swingin' Castle zu Useldeng. Fir d'Editioun vun dësem Joer hat d'Northern Big Band, kuerz NBB genannt – déi iwwregens hire Sëtz an der Useldenger Gemeng huet – sech virgeholl, dem Gesang am Jazz eng méi grouss Plaz anzeraumen. Sou huet nieft eiser bescht bekannter Sängerin, dem Christine Heitz dann och nach en anere Sänger Plaz fonnt. De Randy Melton kann een am Beräich vum Soul- an Jazzgesang sécher als alen Hues bezeechnen.

Virun engem opmierksame Publikum gouf et dunn iwwer zwou Stonne Jazz vum Feinste mat ale Klassiker wéi dem Mack the Knife, What a wonderfull world oder och nach Fascinating Rhythm. Mee och méi nei Stécker wéi beispillsweis de Sir Duke, aus der Fieder vum beschtbekannte Stevie Wonder als Hommage un den Duke Ellington.

A wéi och schonns eng Kéier bei engem Summerconcert op der Buerg, koum et och deen Owend zu enger Welturoppféierung am Centre Culturel. Eise Bandleader, den Théid Pessers, hat an der Corona a Bleif-doheem-Zäit sech d'Aarbecht, a sécher och de Pleséier gemaach, fir dem Dicks säi Kanonéier an eng e bëssche méi jazzy Form ze bréngen. Dem Applaus no zu urteelen ass et him méi wéi gelongen.

Nieft dem musikalesche Menü war awer och beschtens fir den Hunger gesuert, a méi wéi een huet sech un den Assietten, déi zerwéiert goufen, regaléiert. A propos Service, deen ass assuréiert gi vum Club des Jeunes vun Useldeng an et kann een et net anescht soen, déi maachen dat méi

wéi professionell. Et ass immens flott ze gesinn, dass mir eng héich engagéiert a gutt organiséiert Jugend an eiser Gemeng hunn. Et war jo net déi éischte Kéier, dass d'NBB zesumme mam Club des Jeunes eng Aktivitéit gemaach huet, an no dësem Concert ware mer eis op der enger wéi der anerer Säit eens, dass mer dës flott Zesummenaarbecht ganz gäre wéilte weiderféieren.



No en etlechen Zugabe virun engem - et kann een et net anescht soen - super Publikum wat eis méi wéi ënnerstëtzt huet, ass dee flotten Owend op en Enn gaange mat engem Standard vum George Gershwin, deen eis all aus der Séil geschwat huet: They can't take that away from me. Dee schéinen Owend kann eis, an all deenen déi dobäi waren, sécher kee méi ewech huelen a mir freeën eis schonns op de Swingin' Caste 2023.

Text: Raoul Schaaf

Trakterstreffen & Grillfest op der Iewerlenger Millen

De relativ jonke Veräin „Ferguson Club Lëtzebuerg“ hat fir den zweete Weekend am September scho fir déi 11. Kéier op hiert Traktertreffe mat Grillfest op d'Iewerlenger Millen agelueden. Ronn 90 leidenschaftlech Fans vun Oldtimertrakteren, ënnert hinnen och etlech Besëtzer vu méi neie Modellen, hate sech ugemellt, fir beim dësjäregen Treffen derbäi ze sinn. Net nëmmen historesch Trakteren hu scho Sammlerwäert, och si jee no Modell a Baujoer schon engt klengt Verméige wäert. No de Ronnfaarten duerch déi schéi Gewan an Dierfer an der Gemeng konnt jiddere sech dat deftegt Mëttegiesse gutt schmaache loossen. Am Nomëtteg stoungen déi schéi restauréiert an och aner originell Modeller dem Publikum zur Schau. Op der Motorbrems, déi vun der Zapfwell ugedriwwe gouf, huet de Motor vum Trakter alles missen hiergi fir ze weise wivill Power nach an him stécht. Dank den ausgezeechente Wiederkonditiounen konnte Clubmembere vun der dësjäregger Oplag och ganz zefridde sinn.



Text & Foto: Charel Reiser

Pompjeesfrënn Useldeng

Ausfluch mat der Useldenger Musek

Sou wéi schon all déi Jore virdrun, hunn och dëst Joer nees d'Jugendsektiounen vun der Musek an de Pompjeeën eng gemeinsam Aktivitéit um Enn vun der grousser Vakanz lancéiert. Dëst Joer goung et de 4. September mat 3 vollgepaakte Camionnetten op Stengefort, fir sech do am Kloterpark a lëflegen Héichten ze amüséieren.

No engem flotten an ustrengenden Nomëtteg gouf duerno den Dag bei engem gudde Maufel am Gemengenzenter Weidfeld ausklänge gelooss.

Text: Christophe TheiB

Nationale Pompjeescross zu Wäiswampech

Trotz dem Abrëllswieder um 1. Oktober, hunn d'Sportler vum CIS Useldeng sech der Konkurrenz um nationale Pompjeescross zu Wäiswampech gestallt.

Iwwer verschidden Distanzen vu 400 bis 6.400 Meter hunn, jee no Alterskategorie, eis Leefer versicht, sech géint déi aner Pompjeesleefer an deen ëmmer nees asetzende Schloreen ze behaupten. Dës Méi gouf och mat 3 Medailen a ville weidere gudde Plazen belount.

Text: Christophe TheiB



Pensiounsfeier vum Raymond Feinen

Mëttwochs, den 21. Oktober um 19h30 war Pompjeesübung am Centre d'Incendie et de Secours Useldeng. Dir frot lech elo bestëmmt wat dorun esou besonneg ass, dass dat am RIPEVUSCH ernimmt gëtt? Ma ganz einfach, et war dem Raymond Feinen seng lescht Übung als aktive Pompjee. No enger Déngschtzäit vu 50 Joer huet hien decidéiert seng wuelverdëngte Pensioun bei de Pompjeeën ze huelen. De Raym huet am Alter vu 15 Joer bei de Pompjeeën ugefaangen, war Ënnerkommandant a Kommandant vun de Rippweiler Pompjeeën, bis hien dat Amt huet missen niddersleeën, well hie Schäffen an eiser Gemeng gouf.

FlashOver-Run zu Groussbus

Eng ganz nei Aktioun huet sech de Regionalcomité vun de Pompjeeën aus der Regioun Norden iwwerluecht, andeems si den 13. August deen éischte FlashOver-Run zu Groussbus organiséiert hunn. Am Kader vun der 175-Joer-Feier vun de Groussbusser Pompjeeën, gouf een 80 Meter laangen Action-Hindernisparcours gelount op deem eng Course fir déi kleng a grouss Pompjeeën ofgehale gouf. All Pompjee konnt, sou oft seng Konditioun et zougelooss huet, versichen seng Beschztzäit ze knacken a méi schnell wéi seng Alterskollegen ze sinn.

Dee Spaass hu sech déi Useldenger Pompjeeën natierlech net huele gelooss a sinn zu 16 op Groussbus gaangen, fir eis Faarwen ze verrieden. Mat 7 Medailen a verschiddegen Alterskategorien, esou wéi och der 2. Platz am Ekippeklassement, hunn déi Useldenger Pompjeeën nees eemol gewisen, dass ëmmer mat hinnen ze rechnen ass!

D'„Amicale Pompjeesfrënn Gemeng Useldeng“, wou de Raym eis nach hoffentlech laang erhale bleift, huet him och ee kleng Kaddo iwwerreicht, dee ganz am Sënn vun enger gemittlecher Pensioun steet. E Klappstull mam Logo vun eiser Amicale an deem passenden Accessoire, engem Béierhalter.

De Raym huet et sech net huele gelooss seng Pompjeeskollegen no der Übung op eng Pizza an ee gutt Stéck Schwarzwälder Kirschtorte anzuelueden, wou nach eng Rei Anekdoten aus dem Raym senger dach laanger Pompjeeskarriär erzielt goufen.

Mir soen dem Raym villmools Merci fir seng wäertvoll Aarbecht, déi hien am Déngscht a fir d'Secherheet vun den Awunner aus der Gemeng Useldeng geleescht huet a wënschen him fir d'Zukunft nëmmen dat Besch.

Text: Christophe Thei

Text: Max Koster



Trapelaf zu Rottweil

Och un engem drëtte Laf hunn d'Useldenger Pompjeeën dëst Joer deelgeholl. Fir dësen Challenge hu sech de Christophe Theiß an de Remy Harpes zu Rottweil um TK Elevator Towerrun ugemellt. Zil vun der ganzer Geschichte war et, fir 1.390 Träppleker a kompletter Asaztenuue ze bezwängen a wa méiglech an enger gudder Zäit.

Dës Course war ganz besonnesch. Dräi Joer huet missen drop gewaart ginn, well se zweemol ofgesot gouf. Besonnesch war se och dowéinst, wëll d'Pompjeeë vu Rottweil déi Corpsen, déi méi wäit ewech wunnen, invitéiert hunn, fir an hirem Pompjeesbau ze schlofen. Mir konnten esou eng Rei Komeroden, haaptsächlech aus dem Norde vun Däitschland kenneléieren. Natierlech gouf vill gefachsimpelt an Erfarunge goufen ausgetosch. Dem Corps vu Rottweil sief e grouse Merci ausgeschwat, well et huet eis iwwert déi 2 Deeg un näischt gefeelt. D'Owesiessen hu si fir eis zesumme reservéiert an eng ausféierlech Visitt vu Rottweil krute mir nach hannendrop. Duerno war awer Betrou ugesot, wëll et stoung jo nach eppes um Programm.

